N° 5705
Reçue le 09.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5705 vum 8. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

D'Gesondheetsdirektioun setzt alles dorun de Leit eng Hëllefstellung ze leeschten wann si en positiivt Resultat vun engem Schnelltest hunn. Den einfachsten Wee ass effektiv sain positiven Schnelltest iwwer den Site www.covid19.lu ze mëllen sou datt déi concernéiert Leit bannent 24 Stonnen eng Ordonnance kréien fir en PCR Test maachen ze goen. Déi Leit déi keen Zougréff hunn op den Internet kennen eng aner Persoun froen dëst fir sie ze maachen oder sech effektiv bei der Covid Helpline mëllen. D'Unzuel un Leit déi op der Helpline schaffen ass an deenen lëschten Wochen eropgesat ginn, sou datt den gréissten Deel vun den Appeller en charge kënnen geholl ginn.

Déi Leit déi en positiven Schnelltest hunn kënnen sech och bei hirem Hausdokter mëllen an him matdeelen datt si en positiven Schnelltest hunn. An deem Fall kann och hiren Hausdokter hinnen eng Ordonnance opschreiwen fir en PCR-Test.

Allgemeng gëllt, datt Leit déi en positiven Schnelltest hunn, och wann si nach keen PCR Test gemeet hunn, fir dëst ze bestätegen, sech sou gutt wéi méiglech isoléieren an déi Leit mat deenen si iwwert déi lëscht Deeg am noen Kontakt stoungen eventuell iwwer hiren positiven Schnelltest informéieren.

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert